Syndicat des Fabriques d'église du Luxembourg a.s.b.l. RCS n° F 10322 syfel@syfel.lu
15, am Duerf L-7651 Heffingen CCPL LU08 1111 7035 7433 0000

Communiqué – Nom Debat a virun de Gespréicher (25.1.2017)

De SYFEL stellt fest, datt d'Petitioun mat dem doraus erfollegte fairen Debat e Succès war, well et doduerch kloer ginn ass, datt de Sujet „Kierchefabréck", eng breet gesellschaftlech Thematik ass, déi wäit iwwer de Volet Relioun erausgeet.

De Fait, datt d'Chamber uschléissend decidéiert huet, de SYFEL a ggf. och d'Vertrieder vum Ordinariat an déi zoustänneg Chamberkommissioun ze ruffen, ënnersträicht, datt dëse gesellschaftspolitesche Problem och als solche vum Parlament verstanen gëtt.

Niewent dëser Decisioun vum Legislateur hunn sech offensichtlech och opgrond vun der Zuel vun de Signatairen (bal 11.700), vun der Natur vum Debat, a vum reegen Interessi iwwer all Parteigrenzen eraus, souwuel den Inneminister wéi och de Generalvikar d'Bereetschaft gewisen, endlech gemeinsam mat allen Concernéierten iwwer de Sujet ze schwätzen an méiglech Ännerungen an Aussicht gestallt.

Mir gesinn dëser ugekënnegter Ouverture vis à vis vun de Kierchefabrécken positiv entgéint, sinn zefridden, datt déi sibiresch Keelt beim Inneminister sech leet, d'Äis beim Bistum brécht, an hoffen, datt mir elo en richtegen Dialog zesumme mat deenen zwou Instanze kënne féieren, ouni weideren zäitlechen oder politeschen Drock, mee fir konstruktiv eng gemeinsam Léisung ze fannen.

De SYFEL-Comité

Hiefenech, um Fest vum Paulus senger Bekéierung, de 25. Januar 2017